

Walter G. Pfaus

Diamanteroulette

(Diamantenroulett)

lëschteg Kriminalgeschichte an dräi Akte

an d'Lëtzebuergesch iwwerdroe vum Roby ZENNER

E 900

Bestëmmungen iwwer d'Opféierungsrecht vum Stéck

D' Recht fir di eemoleg Opféierung vum dësem Stéck kritt een duerch de Kaf vun de Bicher, wéi de Verlag se virschreift. Fir all Widderhuelung bzw. weider

Opféierung vum Stéck muss virun der Opféierung eng Taxe, déi vum Verlag festgesat gëtt, un den Deutschen Theaterverlag, Grabengasse 5, D-69469

Weinheim/Bergstraße bezuelt ginn, deen dann d' Autorisatioun fir d' Opféierung gëtt.

D'Taxe beleeft sech op 10% vun de Gesamtrechtere bei enger Mindesttaxe, déi beim Verlag unzerfroe ass.

Dës Bestëmmungen gëllen och fir Manifestatiounen fir e gudden Zweck an Opféierungen a geschlossene Gesellschaften ouni Recetten.

Onerlaabt Opféierungen, onerlaabt Ofschreiwen, Vervielfältegen oder Verléine vu Rolle mussen als Verstouss géint d' Recht vun den droits d' auteur verfollegt ginn. De Bühne géint iwwer als Handschrëft gedréckt.

All Rechter, och déi vun der Iwwersetzung, der Verfilmung, dem Iwwerdroen am Radio an an der Televisioun si virbehalen.

D' Recht fir d' Opféierung gëtt ausschliesslech den Deutschen Theaterverlag, Grabengasse 5, D-69469 Weinheim/Bergstraße.

Fir di eemoleg Opféierung vum dësem Stéck ass de Kaf vun 10 Textbicher virgeschriwwen. Zousätzlech Textbicher kënnen zum Katalogspräis no bestallt ginn.

Iwwert den Inhalt:

De Jang Hilbert kënnt mat sengem Frënd Pier zimlech beniwelt heem. De Jang huet säin Auto zu Schrott gefuer. Di zwee bréngen d' Nummereschëlter an d'Kësse vum Récksätz mat. Wat se net wëssen, dat ass, datt am Këssen e wäertvollen Diamant stécht, deen hinnen d'Christine, eng Gangsterbraut, dra gestach huet. De Pier geheet d'Këssen op de Canapé, op deem scho lauter Kësse leien, déi d'Boma Glesener ugefaang huet, huelen d'Boma Glesener an hiert Enkelkand Malou jiddereen e Kësse mat op d'Zëmmer. Dat féiert vun elo un zu terribelen Verwécklungen. D'Koppel

Abriecher, Christine a Lucien, schläicht ëm d'Haus, fir den Diamant ze huelen. Si gi vum Edith erwëscht. Direkt gëtt sech d'Edith als Niece vum Jang aus. Dem Jang bleift näischt aneschtens iwwereg, ass wéi matzespillen, well hee virun eng kleng Aventure mam Christine hat a well dat him dreet, senger Fra et ze soen. Wéi dunno och nach de Pier, fir sengem Frënd ze hëllefen, senger Fra Lilly erkläert, d' Christine wier seng Niece, ass de Chaos perfekt.

De Jang weess sech keen Ausweg méi. Alleguer hätten se gär eppes vun him. Seng Fra wëllt d'Wouerecht wëssen.

D'Malou, seng Duechter, déi mengt, säi Papp a säi Frënd hätten den Diamant gestuel, wëllt vun him de Corpus delicti, d'Boma wëllt hier Kësseschluecht an d'Koppel Abriecher wëllt de Steen. Wéi de Lucien se dann alleguer mam Revolver bedreet, kënnt de Roland, dee jonke Polizist, als Retter an der Nout. Mee seng Hëllef ass net ëmsoss. Hie wëllt d'Malou als Belounung. An senger Nout ass de Jang averstan a steet zum Schluss als dee groussen Held do.

Spilldauer: Ongeféier 120 Minuten

Kulissen: Eng eenzeg Kuliss

Plaz: All 3 Akte spillen an der gudder Stuff vun den Hilberte.

Acteuren: 5 weiblicher, 4 männlicher

Opféierungsrecht: Akaf vun 10 Textbicher an eng Taxe

Persounen:

Jang Hilbert: de Papp. Drénkt emol gären een iwwert den Duuscht. Ass awer guttmiddeg. Ongeféier 50 Joer.

Edith Hilbert: seng Fra. Ass e bësse streiderech opgeluegt. Haasst et, wann hire Mann an de Café geet. Ongeféier 45 Joer.

Malou Hilbert: d'Duechter vun deene béid. Ass frou mat engem Polizist. Ongeféier 20 Joer.

Boma Glesener: d'Mamm vum Edith. Si hätt et gär méi lëschteg am Haus. Ongeféier 75 Joer.

Pier: dem Jang säi Frënd. Ass grad op Besuch. Ongeféier 50 Joer.

Lilly: seng Fra. Ongeféier 45 Joer.

Christine-Marie: eng Gangsterbraut. Bréngt de Jang a grouss Schwierigkeiten. Ongeféier 30 Joer.

Lucien: e Gangster. Ass séier mam Revolver zur Hand. Ongeféier 35 Joer.

Roland: Polizeibeamten. Ass an d'Malou verléift. Ongeféier Enn zwanzeg.

1. AKT

E guttbiergerleche Living. Hannen an der Mëtt kënnt ee vun der Strooss. Lénks geet et an d'Schlofzëmmer vun den Elteren an an dat vun der Duechter. Riets geet et an d'Kichen, an d'Gaaschtzëmmer an an der Boma hiert Schlofzëmmer. An der Mëtt vun der Bühn steet de Canapé. Op d'mannst fënnf kleng Këssen, déi eent wéi dat anert ausgesinn, sollen drop verdeelt leien. Et kënnen der och méi sinn, mee si müssen eent wéi dat anert ausgesinn, wéi een Ee deem aneren. Op en Dësch am Living sollt ee verzichten, dass de Bléck vum Zuschauer fräi ass fir de Canapé. Vläch e klengen, nidderegen Bäisteldëschelchen tëschent dem Canapé an enger vun den zwou Fotellen, déi och derzou gehéieren.

Wann de Riddo opgeet, ass d'Bühn eidel an nëmme ganz bësse beliicht.

JANG:

(kënnt ëmständlech duerch d'Dier hannen an der Mëtt. nert senger Jackett huet en eppes verstoppt, dat e mat béiden Ärm festhält. Säi Gesiicht an seng Hänn si mat Ueleg verschmiert, an op der Stier huet en eng kleng Platzwonn. E schwankt bedenklech. Mee dorunner ass haauptsächlech den Alkohol Schold, deen en eran huet. En dréit de Kapp no hannen)

Du kanns rakommen. Si si schonn all am Bett.

PIER:

(grad esou staark ugedronk, kënnt eran, laacht haart)

Sssssschitt ...

(schléit sech mat der rietser Fauscht op di lénk flaach Hand)

... Bumm!

JANG:

Pssst! Maach lues!

PIER:

(hält sech de Fanger op de Mond)

Pssst!

(zitt e Këssen ënnert senger Jackett eraus, dat haargenau zu de Këssen um Canapé passt an dréit et iwwert dem Laache ronderëm)

JANG:

Pssst!

(wénkt ëmständlech mat enger Hand of)

Net esou haart! Soss erwächt meng Fra nach.

PIER:

Sssssschitt ... Bumm!

(laacht direkt lass a bléist haart)

JANG:

(wénkt heftig mat béiden Hänn of)

Pssst!

(an deem Abléck rutschen zwee Nummereschëlter vun engem Auto ënnert senger Jackett eraus a fale mat Kaméidi op de Buedem)

PIER:

(mam Fanger op de Lëpsen)

Pssst!

(de Jang an de Pier fänke mateneen un ze laachen. Si laache wéi zwee grouss Jongen, deenen e gudder Witz gelongen ass. Dann drécken se sechalle béid gläichzäiteg de rietsen Zeigefanger op de Mond)

JANG:

Pssst!

PIER:

Pssst!

(klemmt sech d'Këssen ënnert den Aarm, schléit mat der rietser Fauscht op di lénks flaach Hand)

Sssssssschitt ... Bumm!

JANG:

(mat schwéierer Zong)

Näischt mat Bumm ... Et huet sech ausgebummt.

PIER:

(laacht nach ëmmer)

Sssssssschitt ... Bumm!

JANG:

Mir ass et net fir ze laachen ... Neen, net fir ze laachen ... ass et mir.

PIER:

(schwäermt)

Neen, wat huet dat schéi gebummt ... So mol, wéi hues de dat nëmme gemaach?

JANG:

Dee blöde Bam do ... Elo fueren ech scho jorelaang derlaanscht an ëmmer ass e friddlech. An ausgerechent haut muss en op d'Strooss sprangen ... Deen eenzege Bam wäit a breet.

PIER:

Ah, duerfir bass de esou am Zickzack gefuer.

JANG:

Ech sinn net am Zickzack gefuer ... De Bam ass ëmmer hin an hier ... an hin an hier, an du assen op eng Kéier op d'Strooss an ...

PIER:

Sssssssschitt ... Bumm!

JANG:

Elo ass en hin.

PIER:

De Bam steet nach.

JANG:

Ech mengen dach, den Auto ass hin.

PIER:

Fir deen ass et och kee Schued. Dat hues du dach selwer gesot. Eigentlech hunn ech geduecht, du häss et absichtlech gemaach.

JANG:

Ech hunn et net absichtlech gemaach. De Bam ass op d'Strooss ...

PIER:

... gesprongen, ech weess. Awer duerfir misst du dem Bam eigentlech Merci soen.

JANG:

Wisou?

PIER:

Ma wann de Bam dech net dru gehënnert hätt. Fir weider ze fueren, da wäre mer glat an d'Polizeikontroll geroden. A wat mengs de wuel, wat dat dech kascht hätt?

JANG:

(grinst)

Op d'mannst de Führerschäin.

PIER:

An nach méi. Bei denge Kamillen ...

JANG:

Du mengs Promillen.

PIER:

Soen ech jo. Dat wier dir bestëmmt fir ee Joer de Führerschäin weg gaangen an eng säfteg Strof derbäi.

JANG:

(freet sech riseg)

Mee mir hunn se rageluegt.

(weist op d' Nummereschëlter, déi nach ëmmer um Buedem leien)

Mir hunn einfach d'Nummeren ofgeschrauft. Elo kann d'Polizei éiweg sichen, bis se rauskritt, wien den Auto gehéiert. A bis déi dat erausfonnt hunn, hu mir eisen deieren Af ofgeluegt ... Kënnen s' eis näischt méi doen.

PIER:

Genau ... Dann hu mer keng Prozenter méi, an si kënnen eis näischt noweisen. Mee so mol, firwat hunn ech da missen dat Kësse vum Récksätz mathuelen?

JANG:

(weist op de Canapé)

Ma gesäis du dat dann net? Well mir do um Canapé elauter därselwechter Këssen hunn.

PIER:

Ah sou.

(rëselte op eemol iwwerrascht de Kapp)

Wat?

JANG:

(reift sech d'Hänn)

Déi hu mir schéi rageluegt, an du si mir och nach ganz frech laanscht se gefuer.

PIER:

Wee sollen déi wuel gesicht hunn? Mengs du, déi hätten di Abrieche gesicht, déi dee wäertvollen Diamant geklaut hunn?

JANG:

Dat ass mir dach egal. Haaptsaach, mir sinn hinnen entwutscht.

PIER:

Genau. Haaptsaach weg ... oder och net.

JANG:

Wat soll dat dann elo erëm heeschen?

PIER:

(grinst)

Besser den Auto ass hin wéi de Führerschäin weg, ass dach kloer.

JANG:

Ried kee Blech. Komm, mer raume léiwer dat Dénge hei weg. Wa meng Fra mierkt, datt ech eng am Batz hunn, kacht et vu Wut.

PIER:

Allez? Mäint gëtt mer näischt méi z' iessen.

JANG:

Du bass esou e blöden Hond, wéi een der seele gesäit.

PIER:

(laacht)

Da géi dach erëm bei di flott franséisch Moss zeréck. Wéi huet et nammal geheescht? Edwin oder sou.

JANG:

(hieft di zwee Nummereschëlter op a straalt)

Edwige ... Edwiiige ... Wat fir eng Fra. Eng Figur wéi eng Göttin. Wann ech wéisst, wou et elo ass, géif ech direkt bei et fueren.

PIER:

An do weider maachen, wou s de opgehalen hues.

JANG:

Wou hunn ech dann opgehalen?

PIER:

Souwäit ech mech kann erënneren, souz du mat em hannen um Récksätz an du has di béid Hänn an senger Blouse.

JANG:

(straalt iwwer d'ganzt Gesiicht)

Joou?

(wëllt seng Hänn ukucken a léisst di béid Nummereschëlter erëm falen)

PIER:

Pssst!

JANG:

Firwat?

PIER:

Du méchs jo deng Fra waakreg!

JANG:

Wisou? Hunn ech esou haart geschwat?

PIER:

Topert! Du hues d' Nummereschëlter fale gelooss.

JANG:

Ah sou?

(kuckt op seng Hänn a grinst)

Hänn, déi virdrun op de Brëscht vun enger Göttin louchen, kënnen dach keng Nummereschëlter unhalen.

PIER:

(boxt iwwert dem Laachen de Jang uewen op den Aarm)

Du bass mer vläicht een, dee spénnt.

(geheit d'Kësse bei di aner op de Canapé)

(d'Malou Hilbert kënnt vu lénks. Et huet dee leschte Saz nach matkritt)

MALOU:

(rosen)

Dat kann ee wuel soen! Dir spénnt alle béid! Wat fällt iech an, matzen an der Nuecht esou e Spektakel ze maachen?

JANG:

(probéiert séier, d' Nummereschëlter mam Fouss ënnert de Canapé ze schubsen. Mee et géllt em net. E stellt sech mat béide Been drop. Da schäinhelleg)

Wee mécht hei Kaméidi? Du méchs Kaméidi. Du jäiz.

MALOU:

(gesäit direkt d' Nummereschëlter fir d'Autoen)

A wat maachen di Nummeren hei am Haus?

JANG:

Wat fir eng Nummeren?

MALOU:

Di Nummeren do! Du stees drop!

JANG:

Mee, Kand, ech stinn dach ëmmer op Nummeren. Op menge Schunghummeren.

MALOU:

(stéisst de Jang energiesch op d'Säit, hieft eent vun de Nummereschëlter op)

Ma dat ass jo eis Autosnummer!

(kuckt säi Papp streng un)

Du hues also eisen Auto geliwwert?

JANG:

Neen, liwweren hunn ech net méi brauchen. Mir haten et schonn.

MALOU:

Du hues also en Accident gebaut!

JANG:

Neen, esou kann een dat net ganz soen. Ech mengen ... Et ass anescht ...

PIER:

Mir hunn den Auto ënnert engem Bam ofgestallt.

JANG:

Genau ... Esou ass et. Woubäi de Bam eis entgéint komm ass.

PIER:

En ass op d'Strooss gesprongen.

MALOU:

(zitt den Otem schwéier)

Also Totalschued, oder net?

JANG:

Dat kann een direkt net esou soen ...

MALOU:

An ech hätt de Won mar gebraucht.

(haart)

Du weess genee, datt ech den Auto mar dringend gebraucht hätt.

PIER:

Pssst!

JANG:

(hëlt seng Duechter an den Aarm, kësst se op de Bak)

Ma Kand, bass du dann net glécklech driwwer, dass däi Papp nach leeft? Ech hätt kënnen dout sinn.

MALOU:

(mécht sech aus den Äerm vun hirem Papp fräi, wénkt mat der Hand hin an hier)

Puuuh! Du sténks jo nom Soff!

JANG:

An ausserdeem hunn ech Sue gespuert. Vill Suen.

MALOU:

Gutt, da kanns de mar jo en neien Auto kafen.

JANG:

Sou hunn ech dat net gemengt.

MALOU:

Wéi dann?

PIER:

En huet di Sue gespuert, déi en hätt missen ausginn, wann dee Bam net gewiescht wier.

(laacht, hält sech awer direkt d'Hand virun de Mond)

MALOU:

(zitt den Otem schwéier a geet lénks zur Dier eraus)

Dat geschitt mer nëmmen zu Recht. Wat ënnerhalen ech mech iwwerhaupt mat zwee Besoffener ...

JANG:

Mee Malouchen, Duechterchen, looss dir dach erklären ...

MALOU:

(energesch)

Wëlls du mir éieren erklären, du häss Sue gespuert, obschonn de elo grad eisen Auto zu Schrott gefuer hues?

JANG:

Mee dat ass et jo ... Et stëmmt wierklech! Kuck emol, eisen Auto war souwisou nëmmen nach e Koup Schrott ...

MALOU:

En ass jiddefalls nach ganz gutt gaangen.

JANG:

Mee keen Autoschändler hätt eis nach ee Cent derfir ginn.

Mee ech hätt ganz vill Sue bezuele mussen, wann ech an d'Stroosspär komm wär.

MALOU:

(setzt d' Fäisch an d' Hëften)

Géings du mir mol erklären, wat dee Blödsinn soll? Wat schwätz du do vun enger Stroosspär?

JANG:

(tuddelt)

Also, dat ass ... Ech mengen ...

PIER:

Hee mengt, do war eng Polzeispär. Do leeft esou, mengen ech, eng grouss ugeluegte Sich ... Déi hu bestëmmt all Stroossen ofgespaart, wéinst deem Diamant, dee gestuel ginn ass ...

MALOU:

(zitt den Otem schwéier)

Do hu mer et also. Si mer erëm beim Thema.

(riicht sech un de Pier)

Wann dee schonn nëmmen dat Wuert Polizei héiert, gesäit e scho rout.

PIER:

Ah, duerfir bass du an de Bam gerannt?

JANG:

Neen, net duuuuerfir ... De Bam stoung an der Wee.

MALOU:

Hee wëllt net, datt ech mäi Polizist bestueden.

JANG:

(stur)

Du bestuets kee Polizist, a scho guer net deen doen!

MALOU:

An ech bestueden en, a wann s du dech op de Kapp stells!

(D' Boma Glesener kennt vu riets eran, ouni datt een et mierkt. Si dréit en almoudescht Nuetshiem bis op d' Knéchelen)

JANG:

Dat Kand hei!

(schléit d' Hänn virun d' Gesiicht, geet bei di riets Dier)

Wat maachen ech nëmme mat deem Kand?

(rennt mat der Boma Glesener zesummen)

BOMA:

Wann s du mat denger Duechter lenger hues, muss de mech awer duerfir net zertrampelen.

JANG:

(erféiert)

Boma, wat méchs du dann hei? Firwat bass du net am Bett?

BOMA:

Du bass jo och net am Bett.

MALOU:

Boma, so dengem Eedem, datt ech mäi Polizist bestueden.

BOMA:

(a gläichgültegem Toun)

Hatt bestuet säi Polizist.

JANG:

An ech sinn dergéint!

MALOU:

(hëlt e Kësse vum Canapé a geheit et rosen zeréck)

An ech bestueden en trotzdem!

JANG:

(hëlt och e Këssen a geheit et op de Buedem)

An du bestuets kee Polizist!

MALOU:

(hëlt e Këssen a geheit et dem Papp un de Kapp)

Ech sinn erwuessen! Ech ka bestueden, ween ech wëll!

JANG:

Soulaang wéi s du deng Been ënnert mäin Dësch strecks, bestuets du deen net!

(geheit him och e Këssen un de Kapp)

BOMA:

(laacht)

Ah, dat ass e schéint Spill. Dat maachen ech direkt mat.

(hëlt zwee Kësse vum Canapé, geheit dat eent dem Jang an dat anert dem Pier un de Kapp. De Pier mécht direkt mat. Et entsteet eng kuerz Schluecht mat de Këssen. De Jang huet es als éischte genuch)

JANG:

Ophalen ... Schluss dermat! Ech hu gesot, dir sollt ophalen!

(Si halen alleguer op, nëmmen d' Boma net. Si wëllt dem Pier e Këssen an de Kapp geheien. De Jang hëlt hier et vun hannen aus der Hand)

JANG:

Schluss elo, Boma. D'Schluecht ass eriwwer.

BOMA:

(motzt)

Oooch, Schued. Dat war esou lëschtég.

JANG:

Eng Kéier mussalles en Enn kréien ... An iwwerhaapt, wat méchs du hei?

BOMA:

(nodenklech)

Maja, wat maachen ech eigentlech hei?

(straalt op eemol iwwer d'ganzt Gesiicht, hëlt e Këssen an d' Hand)

Genau dat wollt ech.

JANG:

(fält er direkt an den Aarm)

Boma, looss dat sinn.

BOMA:

(mat komesche Beweegunge vun Ofwier)

Looss du mech ... Looss du mech ...

(kënnt endlech fräi)

JANG:

Wat wëlls de da mat deem Këssen?

BOMA:

A wat schonn?

(geet riets bei d'Dier)

nner d' Kappkësse leeën, datt ech méi héich leien.

(geet eraus)

MALOU:

(hëlt och e Këssen, geet bei di lénks Dier)

Ech ginn erëm an d'Bett.

JANG:

A wat wëlls de dann am Bett mat deem Kësse maachen?

MALOU:

(sarkastesch)

Fir wat soll ech et scho brauchen? Fir drop ze schloen natierlech. Ech muss mech ofreagéieren.

(geet lénks eraus)

PIER:

An dobäi stellt et sech vir, du wäers et.

JANG:

Wee wär ech?

PIER:

D'Këssen.

JANG:

Schwätz kee Blech ... An elo géif ech gär eng Zigarette fëmmen.

PIER:

Do der keen Zwang un.

JANG:

Kanns du mer mol eng ginn?

PIER:

Hues du da selwer keng?

JANG:

Neen, meng sinn nach am Automat.

(grinst)

PIER:

(setzt sech op de Canapé)

Dat hunn ech mer scho längst ofgewinnt.

JANG:

Schwätz dach kee Blech. Du hues der dach d'Fëmmen net ofgewinnt.

PIER:

(dréchen)

Neen, awer d'Wegginn.

JANG:

(grinst)

Du bass schonn e seelene blöden Hond.

PIER:

Natierlech.

(grinst och)

Soss wier ech jo och net däi Frënd.

JANG:

(léisst sech niewent de Pier op de Canapé falen)

Genau, du bass mäi beschte Frënd. An dofir muss du mir elo e Rot ginn.

PIER:

Wat soll ech dir roden?

JANG:

(hält di zwou Hänn an d' Luucht)

Soll ech dës Hänn erëm jee eng Kéier wäschen?

PIER:

Maach et alt wéi ëmmer. Wäsch dech eemol fir Chrëschttag.
(steet op)

An elo geet deen heiten an d'Bett, soss schwätzt mäi Lilly mar kee Wuert méi mat mir.

JANG:

(schwäermt)

Mengs du, ech géif et jeemools erëm gesinn?

PIER:

Wënsch der dat léiwer net. Wann däin Edith dovun Wand kritt ...

JANG:

Dat bréngt mech glat ëm.

PIER:

Allez, allez, esou schlëmm wäert et schonn net ginn. Schliisslech war jo net vill. E bësselchen erëmgeschmust hues de mat em, an deng Hänn has de an senger Blouse. Mee soss war guer näischt.

JANG:

Dat géif dat mer ni gleewen. Wat mengs de, wéi jalous mäin Edith ass?

PIER:

Ech weess. Du hues mer dat um Wee fir heihinner op d'mannst fënnefmol erzielt.

JANG:

Dat kann een net dacks genuch erzielen ...

PIER:

Mir geet et elo duer. Komm, mer ginn elo an d'Bett.
(geet lénks eraus)

Gutt Nuecht.

JANG:

(kuckt em verwonnert no)

Mee ... mee, do schlofen ech dach ...

(gräift sech un de Kapp)

Oder hu mir getosch? Geschwat hu mer driwwer ... Sou mengen ech jiddefalls ... Dach, dach, mer hunn driwwer geschwat, datt mir hinnen eist Schlofzëmmer ginn, a mir schlofen am Zëmmer fir d'Gäschd ...

(geet no riets)

Ojee, dat gëtt awer enk. Da schlofen ech am beschten um Buedem.

(geet eraus)

(D'Malou kënnt séier vu lénks, geet zur Dier hannen an der Mëtt eraus a kënnt gläich drop mam Roland erëm eran. De Roland huet eng Polizeiuniform un)

MALOU:

(nach an der Dier)

Firwat kënns du matzen an der Nuecht heihin?

ROLAND:

Ech sinn déngschtlech hei.

MALOU:

Déngschtlech?

ROLAND:

Jo, déngschtlech. Mir sinn hannert zwéin Abrieche hier. Si hunn an der Stad e ganz wäertvollen Diamant geklaut a sinn a Richtung vun ärem Duerf fort gelaf. Virun zéng Minutten hu mer eng Matdeelung iwwer Funk kritt, et hätt een hei an der Noperschaft zwou Persounen observéiert, déi sech ganz verdähteg beholl hätten.

MALOU:

Oh mäi Gott!

ROLAND:

Nëmme keng Angscht, ech si jo bei dir.
(hëlt et an seng Äerm)

MALOU:

(dréckt e vun sech weg, haseleg)

Mee du kanns net bleiwen.

ROLAND:

Neen, leider net. Meng Kollege waarden dobaussen. Mir müssen d'Duerf duerchkämmen.

MALOU:

Da géi kämmen. Looss deng Kollegen net esou laang waarden.

ROLAND:

(zitt et erëm un sech)

Mee e puer Minutten hunn ech schonn nach Zäit.

(hannert der Bühn lénks héiert een eppes polteren. Duerno di haart Stëmm vum Edith)

EDITH:

(hannert der Bühn)

Maach, dass de rauskënns, du Saukärel! Jo, esou eng Frechheet!

MALOU:

(haseleg)

Séier, du muss verschwannen! Ech mengen, si huet dech gesinn.

ROLAND:

Okay!

(huerteg bei d'Dier hannen)

A keng Angscht virun den Abrieche. Ech wäert ëmmer en A op äert Haus geheien.

MALOU:

't ass gutt, ech geheien en zeréck.

(dréckt en eraus)

(De Pier kënnt gehetzt vu lénks. En huet nëmmen nach de Slip an d'Hiem un. D'Box huet en an der Hand)

PIER:

(geheit d'Dier zou, stäipt sech mam Réck derwidder, otemt schwéier)

Du léiwen Himmel, ech sinn am falsche Bett geland. Wéi konnt dat nëmme passéieren?

(dréit sech esou, datt e mam Réck zum Malou steet, kuckt op d'Dier zeréck)

Dat huet vläicht Hoer op der Zong ...

(probéiert, an d' Box ze klammen, verfänt sech e puermol a kënnt esou ëmmer méi no an d'Mëtt vun der Bühn, ouni d'Malou ze gesinn)

Dat hätt mech ... jo bal massakréiert ...

MALOU:

Mat Recht ...

PIER:

(fiert hefteg zesummen, verstoppt sech hannert de Canapé)

Neen, do mer näischt! Dat war keng Absicht!

MALOU:

Ech doen lech schonn näischt, obschonns Dir der e puer fatzege verdéngt hätt.

PIER:

(luusst ëm de Canapé eraus, erkennt d'Malou, steet erliichtert op)

Ah, du bass et, Malou. Ech hu scho geduecht ...

MALOU:

Ech sinn d'Duechter vu menger Mamm. Ech hunn och Hoer op der Zong.

PIER:

(schmunzelt gezwongen)

Mee du dach net, Malou.

MALOU:

(energesch)

Dat wäert Der elo gläich an uecht huelen! Wou ass de Pappa?

PIER:

(weist no riets, ouni eppes ze soen)

MALOU:

Bei Ärer Fra?

PIER:

(tuddelt)

Ech ... ech hu geduecht, mir ... mir hätten uitgemaach, datt meng Fra an ech do ...

(weist no lénks)

... an de Jang an deng Mamm do ...

MALOU:

Dann hutt dir et eben erëm ëmgeännert. Mee do wäert der sécher mat äre Gedanke schonn anzwousch anescht gewiescht sinn.

PIER:

(klenglaut)

Sou muss et wuel gewiescht sinn.

MALOU:

Da wäert e wuel och elo gläich erëm opdauchen.

PIER:

(licht opgereegt)

E misst eigentlech schonn do sinn! E muss dach och gemierkt hunn, datt e bei der falscher Fra am Bett läit.

MALOU:

Dir kënnt e jo siche goen.

PIER:

(rennt elo opgereegt hin an hier)

Wann en net geschwë kënnt, da ginn ech e sichen. Ech ziele bis fënnef, wann en dann net do ass, ginn ech eran. Eent ... Dat muss en dach mierken.

MALOU:

Dir vergiesst ze zielen.

PIER:

Ech vergiessen et net. Ech ziele jo.

(waart eng Weilchen)

Annerhalleft ... Dee kann dach net bei eng friem Fra an d'Bett klammen an et net mierken.

MALOU:

Kann e schonn, besoff wéi en ass.

PIER:

Sououou sat ass en nun och erëm net.

MALOU:

Zielt weider.

PIER:

Eent ... Eentdräivéierel.

MALOU:

Wann Dire sou weider zielt, sti mer mar de Muerge fréi nach hei.

PIER:

De Jang ass mäi beschte Frënd. A Frënn muss ee vertrauen.

MALOU:

Vertrauen ass gutt, Kontroll ass besser.

PIER:

Du mengs, datt e mat menger Fra ...

MALOU:

Nodeem ech weess, wat en haut ze Nuecht gestiicht huet, trauen ech emalles zou.

PIER:

(ausser sech)

Wat weess du?

MALOU:

Alles.

PIER:

Alles?

(an d'Publikum eran)

Hatt weess alles ... An et huet wahrscheinlech recht. Wann ech drun denken, wéi deem ...

(hält d'Hänn esou, wéi wann e Brëscht géif upaken. Dréit sech zur Dier rechts)

Jang!

(De Jang kënnt am selwechte Moment zur Dier eran. En dréit seng Box och an der Hand)

JANG:

(ganz verdaddert)

Dat ... dat huet et awer nach ni gemaach.

PIER:

Wat huet et nach ni gemaach?

JANG:

Ma dat do ... Soss huet et mech ëmmer wéi veruecht.

PIER:

(jäizt)

Da war et meng Fra!

JANG:

(ganz verwonnert)

Deng Fra? Ech hu gemengt, si ass ...

(weist no lénks)

PIER:

Jo, dat hunn ech och geduecht ...

MALOU:

Besoffener sollen eben net denken, wann se virdrun net richtig nogelauschtert hunn.

JANG:

Wat méchs du hei?

MALOU:

Ech stinn hei an ech waarden op eng Erklärung.

JANG:

Op wat fir eng Erklärung?
(klëmmt an ee Bee vun der Box)

MALOU:

Firwat dir dat gemaach hutt?

JANG:

(klëmmt an dat anert Boxebeen, spréngt iwwerdeems op engem Been)

Dat war einfach eng Verwiesselung.

MALOU:

(veriergert)

Du wäers mir dach net wëlle wäiss maachen, dass dat einfach eng Verwiesselung war?

JANG:

Et war eng Verwiesselung. De Pier huet gemengt, mir hätten hien an seng Fra an eise Schlofzëmmer ...

MALOU:

(ënnerbrécht e schaarf)

Dat mengen ech net! Ech mengen dat, wat s du virdrun gemaach hues!

JANG:

Virdrun?
(kuckt op de Pier)

Virdrun?

PIER:

(schwätzt aus dem Mondwénkel)

Et weess alles.

MALOU:

Ech weess alles.

JANG:

(hëlt de Pier mam Koll)

Du Verréider, du! Du hues emalles gesot!

PIER:

Bass du verréckt? Ech hunnem näischt gesot.

MALOU:

En huet mir näischt gesot.

JANG:

(léisst de Pier lass)

Wien huet dir et da gesot?

MALOU:

Ech weess et, dat muss dir duer goen. An ech kann dir nëmme rodén, lee direkt e Geständnes of.

JANG:

(verzweiwelt)

Ma Kand, dat kanns du dach net vu mir verlaangen! Wëlls du dann däi Papp verléieren? Wat mengs de wuel, wat passéiert, wann deng Mamm dat spatz kritt? Déi léisst sech direkt scheeden.

MALOU:

(nodenklech)

Do kinns du allerdéngs recht hunn.

JANG:

(heemelt dem Malou de Bak a mécht esou, wéi wann d' Saach domat erleedegt wier)

Brav, mäi Kand. Ech wosst dach, datt ech eng verstänneg Duechter hunn.

MALOU:

Däi Gléck, datt ech ganz verstänneg sinn. Mir wäerten di Saach op eng aner Manéier berengegen.

JANG:

(ganz iwwerrascht)

Wat? Wéi?

MALOU:

Du gëss mir de Corpus delicti an d'Hand.

JANG:

Ha?!

MALOU:

Ech wäert di Saach schonn an d'Hand huelen.

JANG:

(verdaddert)

Awer ... awer, dat geet dach net.

(schummt sech e bësselchen)

Dat kann ech dach net maachen, Kand.

MALOU:

Wéi s de wëlls, Pappa. Ech ginn dir eng Stonn Zäit. Wa bis dohin de Corpus delicti net a menger Hand ass, da schwätzen ech mat der Mamma.

(geet lénks eraus)

PIER:

Elo sëtzt du ganz schéin an der Schäiss.

JANG:

Nondidjabel namol, wouhier weess et et?

PIER:

Ech hu keng Ahnung ... Wat hues du mat menger Fra gemaach?!

JANG:

Ech, gemaach? Näischt hunn ech gemaach ... Hatt huet eppes mat mir gemaach.

PIER:

Wat huet et mat dir gemaach?

JANG:

Hatt ... hatt wollt eppes vu mir. Mee well ech dat absolut net vu menger Fra gewinnt sinn, hunn ech direkt d'Luucht ugemaach. An dunn hunn ech gesinn, datt et guer net meng Fra wier an ech hu mech direkt duerch d'Bascht gemaach.

PIER:

Deng Fra huet mech véierkanteg rausgehäit.

JANG:

Dat gläicht deem.

(D'Edith Hilbert kennt vu lénks. Et dréit e Buedmantel iwwert sengem Nuetshiem)

EDITH:

(bleift an der Dier stoen, stäipt d'Fäisch an den Hëften)

Jang! Ech waarden!

JANG:
Dat ass awer léif, meng Mod, dass du op mech waarts.

PIER:
(verdréckt sech lues no riets)
Ech mengen, meng Fra waart op mech.
(geet riets eraus)

EDITH:
Jang! Ech waarden!

JANG:
Net néideg, Maischen.
(probéiert onopfälleg, d' Nummereschëlter, déi nach ëmmer niewent dem Canapé leien, ënnert de Canapé ze schubsen)
Du kanns scho mol virgoen. Ech kommen direkt no.

EDITH:
Du kënns direkt!
(gesäit, wéi de Jang mam Fouss um Buedem schäert)
Wat méchs du do?!

JANG:
(haseleg)
Näischt, guer näischt!

EDITH:
(kënnt méi no bäi)
Mee dat sinn dach Schëlter.

JANG:
Mäi Gott, Schëlter gëtt et tonneweis ...

EDITH:
(mat jäizegem Toun)
Ma dat si jo d'Nummereschëlter vun eisem Auto! Wat maachen déi Schëlter an eiser Wunneng?

JANG:
Wat sollen se schonn hei maachen? Ech hunn se mat era geholl, well et dobaussen esou kal ass ...

EDITH:
Du hues en Accident gemaach, stëmmt et?

JANG:
Also, weess de, mäin Dickelchen, ganz esou kann een et net soen. Ech mengen éischer ...

EDITH:
(mat engem strengen Uerder)
Hauch mir emol an d'Gesicht!

JANG:
(geet ee Schrack zeréck an haucht ganz liicht)
Sou, meng Daifchen, elo hunn ech dir de Wëlle geden ...

EDITH:
Komm méi no an hauch mech un!

JANG:
Mee ech hunn dach schonn ...

EDITH:
(haart)
Komm méi no an hauch mech un!

JANG:
(kënnt nëmmen e ganz klengt Stéck méi no an haucht erëm ganz liicht erop)

EDITH:
(geet no un de Jang erun)

Hauch mech un!

JANG:
(haucht iwwert dem Edith säi Kapp ewech)

EDITH:
(richt um Col vun sengem Hiem)
Dat ... dat ass keen Alkohol!

JANG:
(haseleg)
Natierlech net, mäin Engel. Du weess dach, datt ech näischt drénken.

EDITH:
Dat ass Parfum! Wéisou ricks du no Parfum?

JANG:
(mat gekënschtelchem Laachen)
Hahaha , ech an no Parfum richen ... Dat kann dach guer net sinn. Ech huelen ni Parfum.

EDITH:
(haart)
Awer du ricks no Parfum! Däi ganz Hiem sténkt no Parfum!
A menges ass et op kee Fall! Sou een hat ech nach ni! Wéi kënnt also dee Parfumsgeroch un däin Hiem?!

JANG:
(tuddelt)
Also, dat ass ... dat kann nëmmen ...
(huet op eng Kéier déi liddi)
Dat kann nëmmen de Parfum vum Lilly sinn.

EDITH:
(ganz iwwerrascht)
Wéisou vum Lilly?

JANG:
Mee du weess dach ... De Pier huet sech versinn an ass zu dir an d'Bett geklommen, an ech bei d'Lilly ...

EDITH:
Ech hunn de Pier direkt aus dem Zëmmer gejo!

JANG:
Ech sinn natierlech och direkt aus dem Bett gesprongen, wéi ech gemierkt hunn, dass dat net meng Zockerpëppche ka sinn ...

EDITH:
(geet bei d'Dier riets, stéisst se op, riicht sech un de Jang)
Iwwer di Verwiesselung schwätze mer nach.
(jäizt zur Dier eraus)
Lilly!
(waart een Abléck)
Lilly!
(leet d'Äerm virun der Broscht zesummen a bleift bei engem sougenannten Racheengel niewent der Dier stoen)

(D'Lilly kënnt vu riets. Et dréit e wonnerschéint Nuetshiem)

LILLY:
Ech kann net derfir, Edith ...

EDITH:
(wénkt of)
Scho gutt. Benotzt du e Parfum?

LILLY:
Heiansdo schonn.

EDITH:
Da rich emol u mengem Mann, ob en nach no dengem Parfum richt.

LILLY:
(geet op de Jang ass a richt)

JANG:
(waart, bis et kuerz virun em steet a geet dann zeréck)

EDITH:
(als Kommando)
Bleif stoen!

JANG:
(bleift eenzock stoen)

LILLY:
(leeft op en op, hält sech un em fest, richt un sengem Hiem)
Neen, dat ass net mäi Parfum. Esou en opdrängleche Parfum hat ech nach ni.

JANG:
Da kann et nëmmen de Liqueur sinn. Ech hunn e ganz klengt Gliesche Liqueur gedronk, an dovun hunn ech mir och nach d'Halschent op d'Hiem geschott.
(dréit sech zur Dier lénks)
Gutt Nuecht.

EDITH:
Jang! Bleif hei!

JANG:
Wann s du eppes vu mir wëlls, meng léif Mod, ech sinn am Bett.
(geet lénks eraus)

EDITH:
(voller Wut)
Ma dee kann eppes erliewen!

(D'Boma Glesener kënnt vu riets)

BOMA:
Gëtt et schonn erëm eng Kësseschluecht?

EDITH:
Mamma, géi an d'Bett. Du fantaséiers schonn erëm.

BOMA:
Ech fantaséieren net. Elo virun war eng Kësseschluecht hei.

EDITH:
(dréckt d'Boma riets zur Dier eraus)
Géi wannechgelift an d'Bett, Mamma. Hei gëtt et keng Kësseschluecht.

BOMA:
Bei dir natierlech net. Du schluechts héchstens däi Mann.

EDITH:
Mamma, wannechgelift!

BOMA:
't ass dach wouer. Ech mengen, du weess guer net, wat s du un dengem Mann hues.

EDITH:
(energesch)
Mamma, wéi dacks soll ech dir et nach soen, du solls dech net a meng Ugeleeënheete mëschen?! Géi wannechgelift erëm an d'Bett!

BOMA:
(leeft iwwer d'Bühn a meckert)

Näischt därfer een hei. Guer näischt. Et därfer een näischt soen, et därfer een nuets net opstoen an et därfer ee keng Kësseschluecht organiséieren ...

EDITH:
(setzt d'Fäischten an d'Hëften)
Mamma!

BOMA:
(geet erëm bei d'Dier riets)
Näischt därfer een hei.
(bleift virum Edith stoen)
Näischt!
(geet riets eraus)

EDITH:
(jéimert, kräischet bal)
Oh mäi Gott, ech weess net, wéi laang ech dat nach aushalen? Ech hunn e Mann, deen drénkt an hannert all Jupe hier ass, a meng Mamm nervt mech mat hirem éiwege Gejéimers ...

LILLY:
(geet bei d'Dier riets)
Ech menge ganz, ech ginn erëm schlofen.
(geet séier riets eraus)

EDITH:
(vun enger Sekonn zur anerer erëm rosen, entschloss)
Sou, mäi Léiwen, an elo zu dir!
(riicht sech zu der Dier lénks, stréppt d'Äerm no hannen)
Ech kréie schonn nach eraus, wat dir haut ze Nuecht gedriwwen hutt. An ech kréien eraus, wat fir eng Houer esou e Parfum huet.
(geet lénks eraus)

(De Lucien an d'Christine komme virsiichteg duerch d'Dier hannen eran)

LUCIEN:
(stréckt als éischten de Kapp eran)
Okay, d'Loft ass propper, du kanns era kommen.

CHRISTINE:
(kënnt eran, otemt op)
Puh, dat hätte mer. Do bausse renne jo méi Flice ronderëm, wéi d'Police erlaabt.

LUCIEN:
(sarkastesch)
Du an deng blödsinneg Iddien ... Mir kinnte scho laang iwwer d'Schnouer sinn.

CHRISTINE:
Oder am Prisong. Mat deem Diamant wäre mir ni duerch d'Spär komm.

LUCIEN:
Mee hues du den Diamant grad mussen dësem Idiot an den Auto schmuggelen?

CHRISTINE:
Mir waren eis eeneg, datt ech bei deen éischtenbeschten an den Auto klammen. An hie war deen éischten.

LUCIEN:
Awer net dee Beschten.

CHRISTINE:
Et wier alles gutt gaang, wann deen Eefalt net dat Accident gebaut an dann och nach d'Kësse matgehol hätt.

LUCIEN:

Vläicht huet e gemierkt, wéi s du de Steen an d'Kësse gestëppelt hues.

CHRISTINE:

Nimools! E war zevill mat mir beschäftegt. E konnt et guer net bemierkt hunn.

LUCIEN:

(rosen)

A wéi deen dech betaascht huet. Wann ech deen an d'Fangere kréien, dréien ech deem den Hals ëm.

CHRISTINE:

(ongedëlleg)

Elo spill net och nach dee Jalousen. Sich léiwer nom Pillem. Duerfir si mer dach hei, oder?

LUCIEN:

Natierlech si mir dofir hei. Well s du jo di glorräich Iddi has, en immens deieren Diamant einfach an e ...

(gesäit di vill Këssen um Canapé)

Do ass et jo!

CHRISTINE:

Mee dat sinn der jo e puer!

LUCIEN:

An? Mir huelen se alleguer mat. Allez, huel du der och e puer!

(D'Boma Glesener kennt vu riets eran)

BOMA:

(klappt an d'Hänn)

Ah, wéi ass dat awer esou lëschtég. Et gëtt schonn erëm eng Schluecht mat de Pillemen. Soll ech de Pillem siche goen, deen ech d'éinescht matgeholl hunn?

LUCIEN:

(bekuckt d'Christine, geet dann op d'Boma lass, frëndlech)

Ma natierlech, Boma. Äert Kësse brauche mer och. An da maache mer eng richtig flott Kësseschluecht.

BOMA:

Ei, flott!

(geet riets eraus, kennt erëm zeréck)

Mee fänkt net ouni mech un.

LUCIEN:

Ah neen, mir fänken net ouni lech un.

BOMA:

Ech sinn direkt erëm do.

(geet riets eraus)

(Vu lénks héiert een e Polteren)

LUCIEN:

Do kennt jo schonn erëm een. Allez, mir verstoppen eis hannert dem Canapé.

(De Lucien an d'Christine ginn hannert dem Canapé an Deckung)

RIDDO

2. AKT

Bühnebild: Datselwecht wéi am 1. Akt.

Wann de RidDO opgeet, setzen de Lucien an d'Christine hannert dem Canapé.

EDITH:

(kennt vu lénks eran, setzt sech op de Canapé)

Elo läit dee Kärel am Bett a ronkt a sténkt no Alkohol an dësem schreckleche Parfum. Bei dëser Mëschung géif esouguer e Sténkdéier sech duerch d'Bascht maachen ...

(ënnerbrécht sech mat Schwätzen, hält d'Nues an d'Luucht a richt)

Hei richt et jo nach ëmmer no deem Parfum. Souguer méi staark wéi elo éinescht ...

(dréit op eemol de Kapp, wéi wann et eppes héieren hätt, kuckt hannert de Canapé a spréngt mat engem Kreesch op)

(De Lucien an d'Christine kommen hannert dem Canapé eraus)

CHRISTINE:

(geet am Laachen op d'Edith duer)

Moien, Tatta.

EDITH:

(total iwwerrascht)

Tatta? Wéisou Tatta?

(gëtt op eemol ganz rosen)

Iech ginn ech elo gläich d'Tatta! Ech dréien Iech den Hals ëm!

(geet am Dreeën op d'Christine lass)

CHRISTINE:

(geet ee Schrack zeréck)

Ma ech sinn dach Är Niece! Huet Äre Mann Iech dann näischt vu mir erzielt?

EDITH:

Kee Wuert. E schleeft nëmmen Äre Parfum mat sech ronderëm. Ausserdeem kann e keng Niece hunn, well en huet weder e Brudder nach eng Schwëster.

CHRISTINE:

En hat ... ech mengen, en hat eng Schwëster. Eng Hallefchwëster. Mee wéi ech gesinn, huet en Iech ni eppes vun hier erzielt. Géingt Dir e wannechgelift mol siche goen?

EDITH:

(zéckt d'éischt e bëssen, dann entschloss)

Abee gutt. Ech ginn e sichen. Ech bréngen dee Sëffer heihin. Mee gare la mine, dat stëmmt net.

(geet lénks eraus)

LUCIEN:

(tippt dem Christine mam Finger op d'Stier, ganz rosen)

Ma bass du elo vun alle gudde Geeschter verlooss?! Wéisou gëss du dech als seng Niece aus? Dat ... dat ass dach hirverbrannt! Looss eis d'Këssen huelen a verschwannen!

CHRISTINE:

(ganz décidéiert)

Dat wäerte mer net maachen! Éischtens wësse mer net, ob de Steen an dëse Pillemen dran ass an zweetens wimmelt et dobausse vu Polizisten. Hues du dat vergiess? Hei am Haus si mir absolut sécher.

LUCIEN:

A wee seet der, dass deen ale Lustmolch matmécht?

CHRISTINE:

Et wäert em näischt aneschtens iwwereg bleiwen. Soss soen ech senger Fra, ech hätt Sex mat him gehat.

LUCIEN:

(fiert sech verzweiwelt mat béiden Hänn duerch d'Hoer)

Oh, verdammt, verdammt!

(erwëscht e Pille a schléit domat e puermol op de Canapé)

Wee bréngt dat Framensch hei endlech zur Vernunft?!

CHRISTINE:

(roueg)

Ech si raisonnabel. Ech hunn dir schonn dacks gesot: ech sinn de Kapp, du nëmmen den Aarm. Ech denke fireis allebéid, an du féiers et aus. Domat si mir bis elo ganz gutt gefuer.

LUCIEN:

(imitéiert et)

Gutt gefuer ... Gutt gefuer! Matzen an dëse Schlamassel hues du eis gefuer.

CHRISTINE:

(veriergert)

Hal elo endlech op! Aus dir schwätzt dach nëmmen d'Jalousie!

LUCIEN:

Natierlech sinn ech jalous! An ech soen dir, wann s du dech nach eng Kéier vun him betaaschte léiss, dann ... dann ...

CHRISTINE:

Wat dann?

LUCIEN:

(geheit em d'Këssen no)

(An dësem Moment erschénkt d'Boma Glesener vu riets)

BOMA:

(onzefridden)

Ooooo, elo hutt dir awer ouni mech ugefaang.

LUCIEN:

(haseleg)

Ma neen, Boma. Ech hunn elo grad dat éischt Kësse gehäit. Elo ass et un Ärem Tour.

BOMA:

O, ma dat ass jo fäin!

(geheit hire Pille, deen se matbruecht huet, dem Lucien un de Kapp, a pléckt sech direkt zwee nei Pillemen)

(D'Edith kënnt vu lénks. Et zitt de Jang hannerun sech hier)

EDITH:

(voller Virwërf)

Boma, wat soll dat? Ech hunn dir dach gesot, du solls an d'Bett goen!

BOMA:

(mécht beleidegt eng Schépp)

JANG:

(wierkt ganz verschlof. Wéi en awer d'Christine gesäit, räisst en ongleeweg d'Aen op, mécht sech vum Edith lass, dréit op der Plaz ëm a marschéiert erëm eraus)

EDITH:

Jang! Komm direkt erëm!

JANG:

(bleift dobaussen)

CHRISTINE:

(geet bei d'Dier lénks, déi op ass)

Monni Jang, komm wannechgelift eraus. Ech weess, dass du mir verbueden hues, heihin ze kommen, mee ech hunn et einfach net ausgehalen.

JANG:

(kënnt duerch d'Dier, kuckt d'Christine ganz verdaddert un)

Wat?

CHRISTINE:

Du muss denger Fra elo alles beichten.

JANG:

(schnaapt bal iwwer)

Bass du verréckt!

CHRISTINE:

Gutt, da soen ech er et.

(geet op d'Edith zou)

JANG:

Näischt sees d'em, guer näischt!

(Riicht sech un d'Edith)

Gleef em kee Wuert, héiers de? Et litt, wann et de Mond opmécht.

CHRISTINE:

Wannechgelift, Monni Jang, mir mussen hier et soen. Eemol muss Schluss si mat deem Sträit. Ausserdeem weess si jo schonn, datt ech deng Niece sinn.

JANG:

(kuckt et ongleeweg un)

Meng Niece?

CHRISTINE:

Elo hal wannechgelift op, ze maachen, wéi wann s du näischt wéisst! Deng Fra huet e Recht drop, gewuer ze ginn, dass du eng Stéifschwëster hues. An ech sinn d'Duechter vun denger Stéifschwëster. Also sinn ech deng Niece.

JANG:

(ganz mechanesch)

Hatt ass meng Niece.

CHRISTINE:

(weist op de Lucien)

An dat ass mäi Mann.

JANG:

(mechanesch)

An dat ass mäi Mann.

EDITH:

Ma spénns du? Du weess jo net, wat s du schwätzt!

JANG:

(ëmmer nach mechanesch)

Ech weess net, wat ech schwätzen.

CHRISTINE:

(geet laachendes Monds op de Jang duer, gräift em un d'Nues, rëselt him de Kapp hin an hier)

Ganz verschlof ass en och nach, de Monni Jang ... Allo, ech sinn et, deng Niece Christine!

JANG:

(ass op eng Kéier hellwakreg, straalt iwwert d' ganzt Gesiicht, hält d' Christine an den Arem)

Meng Niece Christine ...

(kësst et of)

Ah, wéi ass dat esou schéin, dass du awer nach komm bass.

(beim Christine sengem Ouer, mat enger Drohung)

Wat wëlls de hei?

CHRISTINE:

(bei sengem Ouer)

Dat soen ech dir méi spéit.

LUCIEN:

(rappt di béid auserneen)

Schluss elo mat deem Geknuutschs!

JANG:

Ah, dee jalouse Mann ... Do ass dach näischt derbäi, wann e Monni seng Niece kësst.

EDITH:

(energesch)

Ech si ganz denger Meenung! Et geet elo duer! An

ausserdeem wëll ech elo wëssen, wat et mat där

Stéifschwëster op sech huet. Firwat weess ech näischt dovun?

JANG:

Mat menger Stéifschwëster? Wat et mat deem op sech huet? Weess de, dat ass esou ...

LILLY:

(fält em an d'Ried)

Looss mech et erklären. Dir fält et jo dach schwéier, driwwer ze schwätzen.

JANG:

(theatralesch)

Mee nenn nëmmen säin Numm net! Ech wëll net hunn, datt säin Numm an dësem Haus genannt gëtt.

EDITH:

Mee wat huet et da Schlëmmees gemaach, dass du net emol säin Numm héiere wëlls?

CHRISTINE:

Et ass ... op d'Strooss gaangen.

EDITH:

Op d'Strooss gaangen? Dir mengt, et huet seng Suen op der Strooss verdéngt?

CHRISTINE:

Jo, esou ass et. Meng Mamm war eng ... eng Prostituëiert.

EDITH:

(opbruecht)

Waaat? An an esou eng Famill soll ech mech era bestueden! Dat ass dach ...

JANG:

(ënnerbrécht et ganz séier)

Gesäis de! Ech hu gewosst, wéi s du géifs reagéieren, an duerfir hunn ech dir et ënnerschloen. Ech war jo och ganz ausser mer, wéi ech et gewuer gi sinn. Ech hunn et direkt aus mengem Gediechtnes gestrach. Et war fir mech gestuerwen.

CHRISTINE:

Elo ass et wierklech gestuerwen.

JANG:

Elo ass et wierklech gestuerwen ... Wat? Wat sees du do?

CHRISTINE:

Meng Mammass virun engem Joer gestuerwen.

JANG:

(poltereg)

Gestuerwen ass se? Abee, dat war jo nu wierklech net méi ze fréi ...

EDITH:

(opbruecht)

Also lauschter emol, wat schwätz du dann do? Et war schliisslech deng Stéifschwëster!

JANG:

Bei mir war et mat der Famill a mat der Schwëster op en Enn, wéi ech et op der Strooss gesinn hunn ...

BOMA:

A bei mir ass et geschwë mat der Gedold um Enn! m mech këmmert sech wuel keen.

EDITH:

(voller Virwërf)

Mamm, du bass jo ëmmer nach do! Hunn ech dir net gesot, du solls an d'Bett goen?

BOMA:

Ech wëll awer net an d'Bett! Ech wëll elo eng Kësseschluecht maachen!

JANG:

Gutt, Boma, da maache mir eng Kësseschluecht.
(hieft e Këssen op, geheit hier et an de Kapp)

BOMA:

(geheit mat Begeeschterung hier zwee Këssen, déi se nach ëmmer an der Hand hält, dem Edith un de Kapp. Direkt hält se sech di nächst Këssen a geheit se erëm op d'Edith)

EDITH:

Schluss! Ophalen! Hei gëtt keng Kësseschluecht gemaach!

CHRISTINE:

Mir hunn hier et versprach.
(hëlt e Këssen a geheit et op de Jang)

EDITH:

(rosen)

Dir hutt hier guer näischt ze versprechen!

JANG:

(geheit dem Edith e Këssen un de Kapp)

Sou, aus ass d'Schluecht! Et geet duer!

(geet bei d'Boma, hält hier d'Këssen aus der Hand)

Du gees elo schéi brav an d'Bett.

(geet bei d'Christine an de Lucien a schubst se bei di hënnesch Dier)

An dir zwee gitt elo an ären Hotel oder sou, a mir ginn och schlofen.

CHRISTINE:

Monni Jang, mir hu keen Zëmmer méi fonnt. All Zëmmere si beluegt.

JANG:

Da musst der eben am Auto schlofen.

CHRISTINE:

Mee Monni, du kanns eis dach net einfach esou fortschécken. Mir kinnten dach hei am Living schlofen. mmer nach besser wéi am Auto.

LUCIEN:

(dee während der Kësseschluecht d'Këssen net aus den Ae gelooss huet)

Jo, looss eis hei bei dëse schéine Pilleme schlofen.
(sammelt hektesch d'Këssen zesummen, leet se niewenteneen op de Canapé)

JANG:

Dat kënnt iwwerhaapt net a Fro. Mir hunn dach scho Gäscht am Haus.

CHRISTINE:

Da kënnt et dach op zwee méi oder manner och net un.
(leet dem Jang d'Äerm ëm den Hals, geet no bei sâin Ouer)

Wann s du elo net direkt jo sees, soen ech denger Fra di ganz Wouerecht.

JANG:

(mat gekënschteltem Laachen)

Hahahaha, wann s du natierlech esou schéi wannechgelift sees, da kann ech net nee soen.
(riicht sech un d'Edith)
Hëls du mol frësch Bettwäsch ...

EDITH:

(hasteg, rosen)

Mir hu keng frësch Bettwäsch méi!

LUCIEN:

Mee dat mécht dach näischt. Eng ganz normal Decken deet et och.

EDITH:

Mir hunn och keng Decken!

BOMA:

Ech hunn nach eng Decken iwwereg. Ech huelen se direkt.
(hëlt e Këssen a verschwënnt no riets)

LUCIEN:

Halt! Dat ... dat ...
(riicht sech un de Jang)
Si hëlt e Kësse mat!

JANG:

Si hëlt ëmmer e Kësse mat, fir méi héich ze leien. Mee et sinn der jo nach genuch do.

CHRISTINE:

Natierlech sinn der genuch do.

EDITH:

Ech wëll net hunn, datt se hei am Living schlofen!

JANG:

Du kanns se dach net matzen an der Nuecht fortschécken. Hatt ass schliisslech meng Niece!

EDITH:

(stur)

Dat ass mir egal!

LUCIEN:

Gutt, da schlofe mer eben net. Mir sëtzen eis nëmmen op de Canapé bei d'Këssen a waarden, bis d'Sonn opgeet.

(D'Boma Glesener kënnt vu riets. Si huet d'Decke bei sech, awer net méi d'Këssen)

BOMA:

Ech hunn d'Decken!

EDITH:

Du hëls di Decken direkt erëm mat! Mar hues de erëm de Réck wéi, wann s du dech net waarm häls!

BOMA:

Mir deet iwwerhaapt näischt wéi!

EDITH:

(sarkastesch)

Jo, ech weess. Du hues de Réck nëmme wéi, wann et dir langweileg ass.

BOMA:

Haut ass et mer awer net langweileg.

EDITH:

Dat gesinn ech!

(autoritär)

Huel elo deng Decken a géi an d'Bett!

BOMA:

(mécht eng Schëpp)

Dat ass langweileg ... Da kréien ech de Réck erëm wéi.

EDITH:

(fiert sech mat béiden Hänn verzweiwelt duerch d'Hoer)

LUCIEN:

(zu der Boma Glesener)

Kommt, ech bréngen lech an d'Bett. An d'Decken huet Dir erëm mat. Mir brauchen se net.

BOMA:

(straalt en un)

Ei fein! Ech sinn nach ni an d'Bett bruecht ginn. A scho guer net vun esou engem flotte jonke Mann.

LUCIEN:

(schneit eng Grimace a Richtung Publikum, hält dann der Boma den Aarm dohinner a féiert se riets eraus)

EDITH:

(jéimert)

Di Fra mécht mech fäerdeg. Dee ganze léiwe laangen Dag wëllt se ëmmer genee de Géigendeel vun deem, wat ech wëll.

JANG:

(zum Publikum)

Dat wonnert mech och guer net.

(zum Edith)

Mee Maischen, ech fannen dat dachesou léif vun deem jonke Mann. An ech géif et nach méi léif fannen, wa meng Niece mech och géif an d'Bett bréngen.

CHRISTINE:

Ma kloer, Monni, dat maachen ech jo direkt.

EDITH:

(ausser sech)

Dat géif dir esou passen! Dat kënnt iwwerhaapt net an d'Tuut! Ech bréngen dech an d'Bett.

JANG:

(hasteg)

Natierlech bréngs du mech an d'Bett. Dann erziels de mer nach eng Gudden-Nuecht-Geschicht an du séngs mer e Schloflidd ...

EDITH:

(rosen)

Ech verschafen der e Saz nei Oueren, dann héiers de d'Engelcher sangen, dat geet duer!

CHRISTINE:

(konnt sech d'Laache kaum nach verbäissen. Elo eescht zum Edith)

Mäi Gott, wat sitt Dir awer onghuwwelt ...

EDITH:

(granzt et un)

Wéinst Ärer wäert ech mech och nach extra ofhuwwele loossen!

JANG:

Dat wier schéin. Ech géif de ganzen Dag den Huwwel usetzen.

(De Lucien kënnt vu riets. En huet d'Kesse bei sech, dat d'Boma virdru matgeholl hat)

LUCIEN:

D'Kesse wollt se elo awer net hunn.

(leet et bei di aner um Canapé)

JANG:

Naja, wann een esou léif an d'Bett bruecht gött ...

D'Christine bréngt mech elo och an d'Bett ...

EDITH:

(jäizt)

Elo hunn ech es awer genuch!

JANG:

(onschëlleg)

Genuch vu wat?

EDITH:

(dréckt de Jang no lénks, mécht d'Dier op, schubst en eraus, dréit sech zum Lucien an zum Christine ëm)

Mengetwege kënnt dir dës Nuecht hei bleiwen. Mee mar de Muerge fréi sitt dir verschwonnen. Ass dat kloer?

CHRISTINE:

(hasteg)

Keng Angscht, mar de Muerge fréi gesitt Direis guer net méi.

EDITH:

(geet lénks eraus, kënnt awer direkt erëm zeréck)

An nach eppes! Ech sinn net op de Kapp gefall, datt Dir dat wësst!

CHRISTINE:

Dat hu mir och net ugeholl.

EDITH:

Ech komme schonn nach derhannert, wat do leeft.

(geet eraus)

LUCIEN:

Déi huet eppes gemierkt! Déi huet bestëmmt eppes gemierkt! Du an däin Trick mat der Niece. Du bass jo total iwwergeschnaapt!

CHRISTINE:

Woumat häss du dann erkläert, firwat s de hei bass, nodeem se eis nun emol gesinn hat?

LUCIEN:

(zitt e Revolver aus der Täsch)

Heimat!

CHRISTINE:

(spëttesch)

Typesch Mann, keng Grëtz an der Schierbel ... Wat mengs du dann, wat passéiert wär, wann s du hier de Revolver ënnert d'Nues gehalen häss?

LUCIEN:

Si wier roueg gewiescht, a mir hätten an aller Rou nom Stee sichen an da verschwanne kënnen.

CHRISTINE:

(zitt et an d' Lächerlecht)

A wieren dobaussen de Flicen an d' Gräpp geroden!

LUCIEN:

(och am Lächerlechen)

Aha, an dat passéiert eis elo wuel net?

CHRISTINE:

Neen, dat passéiert eis net. Mir kënne wierklech an aller Rou nom Stee sichen. Mir hunn d' Erlaabnis kritt fir ze bleiwen. A wa mer mar an aller Herrgottsfréi d'Haus verloossen, sinn d'Flice verschwonnen.

LUCIEN:

Do sinn ech awer elo ganz gespaant, ob s du recht hues.

CHRISTINE:

Hunn ech net ëmmer recht behalen?

LUCIEN:

(géint säi Wellen)

Jo, hues de ...

CHRISTINE:

Ma also. An elo ënnersiche mer d'Kessen. An engem vun dëse Kesse muss de Stee jo sinn.

LUCIEN:

D'Kessen aus dem Auto huet deen aneren awer ënnert seng Jackett gedréckt.

CHRISTINE:

An?

LUCIEN:

Wann deen dann dat Kesse guer net heihinner geluegt huet?

CHRISTINE:

(geheit dem Lucien e Kessen an de Kapp)

nnersich dat Kessen a schwätz kee sou e Blödsinn.

(D'Boma Glesener kënnt vu riets. Si gesäit nach, wéi d'Christine dem Lucien d'Kessen an de Kapp geheit)

BOMA:

Maache mir nach eng Kéier eng Kesseschluecht?

LUCIEN:

A wat maacht Dir da schonn erëm hei?

BOMA:

Ech mengen, Dir hutt lech versinn a mäi Kesse matgeholl.

LUCIEN:

Ou? Hunn ech dat?

BOMA:

Jo, dat hutt Dir.

(straalt en un)

Dir hutt et bestëmmt duerfir matgeholl, well Dir mech nach eng Kéier wëllt an d'Bett bréngen.

LUCIEN:

(sarkastesch)